


Kannertheater



All Rechter
virbehälen.

P. BLANC

Eng Sammlung vu Letzeburger löschteger Steckelcher
vum Hary TRAUFFLER.



Drock a Verlag vum P. Worré-Mertens, Letzeburg.
1931.



Schwêßdröpsen.

E leschtegt Steckelche fir eng liddreg Zeit.

I. Akt.

Pir: (E Scho'lbo'f, setzt beim Desch seng Aufgab ze mâchen. Hie strêckt d'Hänn an d'Bên ewèg a gâbst ongeheier kräfteg.)

Aaaaaa!!! Mei Gott, hätt ech meng Rechnong fêrdeg! Eng Rechnong mat 3 Reien! Dat sin der 4 zuvill! An nach eng vun engem dé schafft! Emmer an emmer dat Schaffen! Vun dem Schaffen! O, hätt ech dén, dén d'Arbecht erfond huot, a mengem Tentefâss setzen! —

Jim: (Sei Brudder.) Bass du nach net fêrdeg? Komm an hellef mer Holz séen.

Pir: Alt erem geschafft! Vun enger Arbecht un de' aner!. Ma lösst mech dach emol Otem huolen! (Gâbst kräfteg.)

Jim: So' liddreg we's du get nun ower kê me' op Gottes Erdbuodem! Huos Bâke we' Kîschten a Feischt vu Stol an Eisen, a vu Liddregkêt magst de dech net krâtze wo' et dech beisst.

Pir: Hä! De' am mèschte schaffen, hun et nach lâng net am bèschten!

Jim: Et ass we' d'Mamm sét: D'Liddregkêt ass eng Kränkt; a wann se senger Liewe ge'f we' din, da gings du vu muorgens bis owends doremmer haule vu Peng.

Pir: (strêckt sech brét.) Kuck, wann ech elo gèr opsteng, gese'ss du geschwönn Bën an der Lûcht.

Jim: (A Positur) Duorfir bass du nach vill ze liddreg! Mat eso' engem steiwe Steck Flêsch wär ech hurteg fêrdeg. Solie mer boxen?

Pir: Jé, Jimmy, siéf net eso' topeg. Lösse mir eng Wèttong mâchen: Wien am bèschte gâbse kann!

Jim: Mat dengem Gâbsen, Schlofhauf! Hopp eraus an Holz gesét! Wär ech eso' stârk we's du, ech breicht denger net fir Holz ze séen! Hopp, komm!

Pir: Mei Gott, da jé alt! Ge', ech pâcke nach an. O meng Rechnong!

Jim: Hal dach op mat dèr aremse'leger Rechnong! Lösse mer eng Wèttong mâchen, wien se am e'schten huot. Wo' ass se? (Jimmy liest:) E Papp schafft mat sengem Jong

Pir: Do ass schons èppes, wat mer net gefällt. Wuorfir muss dé Jong da schons schaffen? Duorfir sin d'Pappen dach do a net d'Kanner!

Jim: Ma du Tinni! Esst de Papp d'Botterschmiéren dann och elèng?

Pir: Da fuhr virun.

Jim: De Papp verdengt 45 Frang, an de Jong 6 Frang den Dag.

Pir: Mei Gott! Da mussen de och dacks durhaen! Wat wèrden de' owends mitt sin!

Jim: Mat dengem: Mittsin! Wuorfir mussen sie da mitt sin? Wann ê gèr schafft, get ê net mitt.

Pir: Hahaha! A wo' ass dann ên dé gèr schafft?

Jim: Du allzeit net! Nu rèchen: Wat verdengen de' zwe'n zesummen a 14 Dég?

Pir: 14 Dég ze schaffen! Zwo' ganz Woche lâng!

Jim: Nu komm, beim Holzbock get de' Rechnong gemâcht.

Pir: So' èppes hun ech ower nach net gesin! Zwo' Arbechte matenên! Holz séen a rechnen an engems! Ma mængst du ech ge'f mech racksdeg kapot mâchen! So' ên ass dat hei net! Elo get emol d'e'scht eng Botterschmier giess. Mei Gott, do wèrd ê nammel schwëssen! Ech schwëssen eso' licht! Ech hu mei Kapp schons we'! A wann e schwësst, kritt ê gèr eng Erkältong, d'Longenentzündong.

Jim: Do, hei ass d'Rechnong, gro'sse Jâmerklôs! De Papp verdengt 210 Frang an de Jong 84 Fr., zesummen 294 Fr. Dat war natirlech en anere wee's du! Du verdengs d'Wässer net, das du drenks. A wanns du emol gro'ss bass

Pir: Gin ech Rentier!

Jim: Rentier! Herrgott, ste' engem bei! Du huos gudden Appetit, soss wärs du nach ze liddereg fir deng Kûscht hêschen ze goen.

Pir: (Kuckt zur Fenster eraus.) Hei Nopesch Lou! Ech ruffen dén eran, dat ass eng leschteg Gesellschaft. Dé kann och hellefen Holz séen. (Riffit, klappt a wenkt.)

Jim: Löss de Lou dobaussen, soss gêt et gur net virun!

Pir: Du huos iwerhapt neischt hei ze kommande'eren, Benjaminchen, du bass jo nemen so' he'ch we' e Sieschter Äschen!

Jim: A muss dém Herkul hellefen Holz séen . . . (De Lou, e Nopesch Jong, kent zur Dir eran.)

Lou: Wuorfir huot der mech geruff?

Jim: Eise Pir packt seng Kûscht net . . .

Pir: Da wârt elo! (Lêft em öm den Desch no, fällt vu Liddregkêt so' lâng we' en ass, op de Buodem. Sie lâchen all.)

Ech hu mer we' un der Hand gedun! Lo kannst du elèng Holz séen.
O meng Hand!

Jim: Ha, Lou, kuck dé Filou!

Pir: Ech bludden! O Jong!

Jim: Dat ass neischt. Pirchen, ge' ennert d'Pompel a wäsch et of. Hopp, fleiss dech. (De Pir of.)

So emol, Lou, eise Pir ass eso' liddereg, e brecht geschwönn. Lösse mir zwe'n en uzen. Ech hun e Plang, hellef mer. Mâch dass du këng Minn verziss fir ze lâchen.

Lou: Ech si mat. Wat get et?

Jim: Du brauchts neme jo ze soen. Mam Rèscht lôss mech gewèrden.

Pir: (Kent erem eran, d'Hand agewéckelt.) O Jongen, ech mëngen, den Domm gêt mer aus!

Lou: Oh, du bass nach domm genug mat engem Domm!

Jim: Et ass alles neischt, Pirchen! Du brauchts net me' ze hellefen Holz ze séen!

Pir: Wirklech! A we' dann dat?

Jim: De Lou sét an denger Plâtz.

Pir: O Louis, da kann ech Rechnongen an dèr Zeit mâchen! Ech rechnen eso' gèr!

Lou: Jo, rechnen aus, wivill Grad Fe'wer deng Liddregkêt huot.

Jim: Wanns du fir mech Holz sést, kanns du zo' mer soe was de wölls, ech gin net be's.

Lou: Da wârt: Dei Mond ass vum Gâbsen so' gro'ss we' e Bâkewelach!

Pir: (Reisst de Mond gro'ss op a lâcht hârt.)

Lou: Du gês do we' wann de Schléck dei Pëtter wâr. Et mëngt ên du häss sechs Zënner Gold an de Schong. d'Aendèckeln sin dat bèscht wat un der ass! — Du bass manner we' eng Flo', de ka we'negstens sprangen. Du bass e raschtegt Steck Eisen.

Jim: Dat ass alles wo'er! Elo kommen ech un d'Rei. De Lou helleft och an denger Plâtz Rommele schneiden an Hé rappen, wanns du mechs wat mir soen.

Pir: Wann ech net ze schaffe brauch, mâchen ech alles wat dir sot.

Jim a Lou: Alles?

Pir: Jo, alles.

Jim: Dârfe mir och alles mat dir mâche wat mir wöllen?

Pir: Awer neischt wat zevill we' dêt.

Lou: Wann ech fir dech schaffen, muss ech dir der zwo' haen dîrfen.

Jim: An ech och zwo'.

Pir: Dat wären der ve'er! Dajé! (E stëllt sech a Positur an de Lou fängt un. De Pir jeitzt gewaltig no der e'schter.) Hauhau!! Ech halen net me' stall.

Lou: Da kanns de sëlwer Holz séen.

Pir: Dajé, de' zwët! (De Lou facht dur, de Pir jeitzt nach me').

Jim: Lo kommen ech. (Hölt e Bëngel. De sëlwegte Kome'de'.)

Pir: (No der dretter.) Jonge, schènkt mer de' lèscht!

Jim a Lou: Hei get kèng geschènkt! Hal duor, oder de' drei waren emsoss!

Pir: Mei Gott, dajé alt. Besser nach Strèch kre'en, we' Holz séen! — Ech brauch awer och elo nie me' Holz ze séen?!

Jim a Lou: Heielei! Dat war neme fir haut! Wanns du nach mechs wat mir soen ...

Pir: Awer neischt me' wat we' dët.

Jim: Nën, dat elei dët gur net we'; da brauchs du eng ganz Woch lîng net ze hellefen!

Pir: Da sin ech gèr d'accord! Eng ganz Woch lîng net ze schaffen! Mâcht mat mer wat dir wöllt.

Jim: Da setz dech emol op dé Stull!

Pir: Ma fein, ech hun d'Setzen och le'wer we' d'Stoen.

Jim: Nu strèck deng Bën ewég.

Pir: Ma eso' rascht ê jo ganz prâchtig! A la bonne heure!

Jim: Nun de' deng An zo', a kuck gur net wat mir mâchen.

Pir: Dârf ech och schlofen?

Jim: Och jo, wann dat der Spâss mecht.

(Un der Mauer hânken zwê Hare vun engem De'er, Ochs oder Ko'. Sie sëtzen em de' op a strécken se mat Ficelle fest.)

Pir: A wat get dann dat.

Lou: Nu ro'eg, an hal deng Aen zo', soss hellefen ech net Holz séen.

Pir: Dajé, virun!

(Sie mâchen e ganz schwârz am Gesîcht.)

Pir: A wat get dann dat?

Lou: E besche Lack fir deng Bäckelcher. (Sie hânken em e lînge Bart un de Kenn.)

Pir: Jongen, dat elo gêt net.

Lou: Bleiw setzen, oder du muss schaffen!

Pir: Dajé alt.

Jim: Nu strèck deng Ärem ausernên!

Pir: So'. (Sie schloen eng lîng schwârz Pèlerine em en.)

Jim: Elo sés de hârt an engem Stéck: Liddregkêt ass Dommhêt.

Pir: Dat soen ech net, wèll ech sin net liddreg an och net domm!

Jim: Du sés et, oder d'Spill ass aus, an du sés dein Holz elèng! Nu fänk un!

Pir: Liddregkêt ass Dommhêt! (an eso' virun. An dèr Zeit sin 'de' aner zwe'n hêmlech entwescht, an de Pir sét sei Sproch hârt a feierlech. De Papp kent eran. Hie bleibt an der Dir stoen, gêt hêmlech hannen erlanscht, reselt de Kapp an tèsset em èng, dass d'Haren eroffalen.)

Papp: Dat do ass emol wo'er: Liddregkêt ass Dommhêt!! So'weit kann ower e liddregt Kand kommen! Nu se'er an d'Kichen an dann an de Besch mat mir! Ech wèrd dir bei de Ko'ertestecker d'Liddregkêt schons ausdreiwen! Liddreg an domm! Dat reisst secher kromm! —



Spielschule Neudorf.

II. Akt.

De Pir as am Gâng, am Besch ze schaffen. Op der Bühn leie Faschen a Kôccherstecker an de Pir leit derbei. Hie gâpst kräftig stêt op a séngt op d'Weis: Klaus ist in den Wald gegangen.

1.

Pir: Emmer schaffen, emmer schloen.

(Eng *Stemm* au dem Besch helt of:)

Hahaha! Hahaha!

Pir: A meng jong, schwâch Glidder ploen.

Stömm: Hahaha! Hahaha!

Pir: Emmer schaffen, emmer ploen,
O, 't ass kèngem Mensch ze soen.
Schaffe, ploen, net ze soen.

Stömm: Hahaha! Hahaha!

Pir: (Lauschtert a sèt.) A wât fir en âle Kuob mécht dann de Spott mat mir? (E séngt.)

2.

Pir: O, we' ass dât Holz so' schwe'er!

Stömm: Hahaha! Hahaha!

Pir: O, we' léft mei Schwéss so' se'er!

Stömm: Hahaha! Hahaha!

Pir: O we' lâng muss ech nach droen,
'T get mir bâng, 't ass net ze soen.
Schaffe, ploen, net ze soen.

Stömm: Hahaha! Hahaha!

(Vu lénks kennt e Wichtelchen erân a lâcht nach emmer: Hahahahaha!)

Pir: A, du Kromesvull, wârst du et, dé mech elo eso' ausgelâcht huot?
(Hieft e Stéck Holz op fir em èng ze hâen.)

Zoppi: Au! gro'sse Mensch! Mâch dech net mitt, soss schwéssst du.
Lauschter: komm emol hier a setz dech! Ech setzen och eso' gär.

Pir: So mer emol d'e'scht, wât fir e Fuosensbok du bass, soss jeitzen ech!

Zoppi: (Ganz feierlech) Mei Nuom ass Zoppi. Döppchen, Zöppchen,
Kribbel, Krabbel, Hämmchen, Flämmchen, Knibbel, Knabbel. E
Kach gebrach sin ech. (Fängt un ze kreischen.)

Pir: A wât fir engt Ro'lîcht ass dann dât! Lo huot e mech nach grâd
ausgelâcht, an elo kreischt e we' èng Madele'n. Sot emol Pëtter,
hut der d'Lâchen a Kreischen an èngem Sâk?

Zoppli: Ech war dem Kinek aus dem Wichtelland sei Kach. Hién huot mech fortgejot. Huhuhu!

Pir: Ma da kreisch dach net a so mir wuofir dann?

Zoppli: Mir hâte Méckenhâme gebroden ech so'tz beim Feier, ech hu gechlôf, du sin se ugebrannt an du...

Pir: Wat fir eng Schlofhauf bass du dann!

Zoppli: Grad eng we's du! Komm, gef mir d'Hand! Losse mir ons emol setzen an eng Peifche râchen. (Sie setzen sech, Zoppli ze't eng Peif eraus.)

Pir: Wât fir en alen Dapp bass du dann, dass du schons Peif râchs?

Zoppli: (An èngems wo' en d'Peif stoppt a Feier aus engem Stên schle't.)
Ech hun 689 Joer!

Pir: Bass du dann dé jonge Mathusalem?

Zoppli: An ech hun a mèngem Liewe schons vill geschafft!

Pir: Mèngs du ech net!

Zoppli: Awer ech schaffe net gär.

Pir: An ech och net.

Zoppli: Duorfir ka ké vun onser Zort mech leiden.

Pir: A mech hun se och emmer am gâng.

Zoppli: (Gâpst èng Ke'er.)

Pir: (Gâpst och èng Ke'er.)

Zoppli: Du kanns och nawèll gutt gâpsen.

Pir: A jiddem Fall bèsser we's du! Loss mer emol èng Wèttong mâchen.

Zoppli: Wien am längsten gâpse kann.

(Sie reissen allebe't de Mond gro'ss op a grâd we' se gutt am gâng sin, kent den Zwergkinek eran.)

Kinek: (Ganz stramm.) Zoppli, an d'Kichen!

De' zwe'n erfe'eren ongeheier; den Zoppli huot d'Peif fâle geloss an ass ugâng. De Pir huot den Hut ofgeholl.)

Kinek: A wât bass du'da fir e Kauzekapp.

Pir: Ech hêsche Pir a si mat mengem Papp an de Besch Holz hae komm.

Kinek: Ass dat Gegâps do dann Holz gehân? Ech mengen, du ge'fs d'Arbécht och net fârtén, du ge'fs dech nawèll derbei léen.

Pir: De' beisst och net.

- Kinek:* D'Liddregkêt beisst awer. Wëss de wat? Mir brauche fir etlech Stonnen eng Hellef un enger schwe'erer Arbecht. Du bass gro'ss a stârk, a mir Männercher si klèng a schwâch. Wellst du ons net hellefen?
- Pir:* Wann et net zevill ass, an ech net derbei schwëssen?
- Kinek:* Et ass guor net schlemm. Et wèrt der spe'der net lèd sin.
- Pir:* D'accord.
- Kinek:* Da wârt nach e Momènt, ech kommen dech erem hier sichen. Löss mech emol kucken, we' dei Mond ausgeseit. Reiss en emol op, so' gro'ss we's du kannst. (De Pir reisst de Mond op we' eng Scheierpârt.) Du huos navèll en ordentleche Bâkuowen! Mä ech mènge, et get kê Bro't gro dran, we'!
- Pir:* Ech danken, Hèr Kinek, ech hun nawèll emmer gudden Appetit.
- Kinek:* Nujé, lösse mer kucken, wat sech mat dir mâche le'sst. Bis elo gleich. (Of.)
- Pir:* A wat soll dé mat mir wölles hun? Ganz secher get e mir e Mettel dass ech a mengem Liewe neischt me' ze mâche brauch. Da sin ech jo Rentier!! Rentier! Dir Herrschaften, hei stêt de Rentier Pir! (Stèllt sech vir.)
- Zoppli:* (Hêmlech erbei) De Rentier Pir! O'ne' Geschir! Schâf o'ne' Dir! We' kens du mech vir?
- Pir:* Ah, du Rollmops, bass du erem do? Ech hun et eraus!
- Zoppli:* Dein Nuosschnappech?
- Pir:* Du eidel Noss! Du Fâss o'ne' Rêf! Du ongeklappte Botterwèck! Du re'e Panech! Hei stêt e Rentier virun der! En, dé sei Liewe lâng kê Strêch me' schafft, mais gutt esst, an da fein rascht. . .
- Zoppli:* O'! O'!
- Pir:* Ere Kinek mecht èppes Feines aus mir. Hie mecht, ech brauch neischt ze mâchen! Wârt nemmen af. Du kens nach bei mech hèschen, du hongregen Zoppeläffel! Du raschtegt Döppen! Nu mâch dech aus menger Gesellschaft a kuck no denge gequëllte Gromperen an der Rommelzalot! (Et he'ert ê Stemmen dÛrchernên. Eng ganz Band Wichtelcher kent op d'BÛn, mat Séler a Geisseln. E séngt vir, de' aner huolen of. Weis: Klaus ist in den Wald gegangen.)
- Hei, dat ass de faule Pirchen! Hahaha! Hahaha!
 Kuck der mol dat feint Geschirchen! Hahaha!
 Komm erbei du liddreg Haut
 Net gemuxt a net gejaut.
 Schaffe, schwëssen net vergiessen! Hahaha!!

(Sie mâchen em Séler an d'Fe'ss, bannen him d'Hänn op de Réck, strécken him de Kenn mat enger Ficelle zo', fe'eren en of. — De Pir wêss net wat dat hêscht, ass ganz verwonnert, wöllt sech wieren.)

Pir: Ma sot emol, ech muss mengem Papp hellefen!

Zwergen: Lo kens du mol an eng aner Scho'l! (Sangen:) Schaffen, schwëssen net vergiessen — Hahaha.

III. Akt.

(De Pir ass op der Bühn am Gâng Holz ze séen: Hien dämpft vum Schwëss — huot de Kapp ganz nâss; werft d'Kâp ewèg, wöscht sech de Schwëss of, dêt de Paltong aus, streppt d'Ärm erop.)

Pir: O, wat muss ech hei schaffen. Elo get emol gerascht.

Wîchtelchen: (kent mat der Geissel.) Hopp, du liddregt Steck Flêsch!

Pir: Mei Gott, ass dat Gespènst erem do! We' hun ech meng Ärm eso' we'!

Wîchtelchen: Kuck dé Ko'p, dé nach ze séen ass.

Pir: Dajé alt. (Sét we' en Deiwel drop lass.)

(*En anere Wîchtelche* kent mat enger Vas a mecht we' wann e ge'f hêm-lech d'Schwëssdröpsen opfänken.)

Pir: Elo kann ech mech awer e beschen erblosen!

(Wupp sin hirer 2 mat Geisselen do.)

2 Wîchtelcher: Hopp, setz drop, derno get Zopp, du steiwe Stopp...

Pir: Mei^a Gott, do sin s'erem. (E sét erem mat Leif a mat Se'l.)

Wîchtelchen: Nu mâch, dass an enger halwer Stonn dé Ko'p hei ewèg ass, oder ech verhèxen dech an e Murmelde'er ...

Pir: Git nemen, hopp mâcht iech eraus an halt mech net op.

2 Wîchtelcher: Heielei, dé wakrege Pirchen! (fort).

Pir: (Mecht de Koll vum Hiém lass, ble'st, wescht de Schwëss.) Ecl^a hun awer eng Hetzt am Leif; en Düscht, et get emol èppes Klènges gedronk. (Wöllt fort.)

3 Wîchtelcher: (mat Geisselen.) Halt. Holz gesét a viv!

Pir: Ech sin eso' drechen am Hals, ech kre'e kê Spaut me' of.

3 Wîchtelcher: Holz gesét a net gespaut.

Pir: Elo gêt et an engem Coup bis un d'Enn! Hopp, fort mat iech. (Wichtelcher of. — De Wichtelchen kent erem seng Schwëssdröpsen obfänken.)

Pir: Mâch dech ewèg, Fuosendsbôk, a lôss mech schaffen.

Wichtelchen: Ech hu schons me' we' eng Dosen. Wârt, do um Bâck rullt nach eso' eng sche'n deck. Lôs mech de' huolen. (Hien holt em se.)
Do ass se dran! Nun hopp, ass et erem se'er gêt.

En aner Wichtelchen: Genug Holz gesét. Hei, eng aner Arbecht. Dat Sémiéhl aus dem Kuorf an de Sâck eran, mat den Hänn. Wann ech 13 geziélt hun, muss et all dra sin.

Pir: A wuorfir dann?

Wichtelchen: Nu fro net lâng, hopp geschafft. Ech brauch Schwëssdröpsen, dat ass eng fein Medezin ge'nt Reumatissem. (De Sâck huot e grosst Lach, d'Sémiéhl tröllt all eraus. De Pir get sech drun mat Leiw a mat Se'l. Sie sangen:) Schaffe, schwëssen, net vergiessen. Hahaha! Ha, ech hun erem eng Koppel Dröpsen gefângen!

Pir: Ma, et get jo neischt an de Sâck.

Wichtelchen: Virun, hopp virun, mâch me' se'er; nach, nach, se'er, se'er!

Pir: O', ech schwëssen!

Wichtelcher: Hopp, hopp, hopp! (Hiéft de Sâck op, alles tröllt eraus.)

Pir: Do dat ass ower ze domm! En eso' schwëssen ze din.

Wichtelchen: 'T ass neischt, Pireli, dat ass gesond! Hei èppes anescht. Hopp, Botter geklappt. (Sie brengen en Heichel mat engem Still!)
Nu se'er drop lass, ganz schötzeg. (An dèr Zeit sangen sie:)

Hei, we' kann hie Botter klappen! Hahaha! Hahaha!

So' muss ên de' Jungen trappen! Hahaha! Hahaha!

Botterschmieren huot e gieren

Wie wöllt iessen, dé muss schwëssen.

Gieren Schmieren, iessen, schwëssen. Hahaha!

Wichtelchen: Hei, ech hun erem eng Koppel gefâng!

Pir: Mei Gott, ass dat Rentier gespillt!

Wichtelchen: Nu net geso'ert we' en Arbel jong Kâzen, besche me' fleck. Mâch me' se'er!

Pir: O, meng Ärem!

Wichtelcher: (Sie mâchen em no, ob, of.) Ho, hopp, se'er! se'er!

Pir: O, ech kann net me'. Ech lafen iech fort. Ech soe mengem Papp et!

All: Hahaha! Hahaha! —

Wîchtelcher: Hei, elo get èppes aneschit gmâcht. Messere geschlaff. (Sie brengen e Schleifstên mat enger Kîrp fir ze dre'nen.) Nujé, mei Bèschten, an d'Rad, et gêt glât — — Nu gef dech drun!

Pir: Ech stierwen hei!! Ech kommen ðet me' lieweg hêm. Et krit ên emol kêng Zeit eng Ke'er ordentlech ze gâpsen.

Wîchteicher: En route! Ho! Hopp! (Hien dre't am hêlle Galopp. Sie sangen a mâchen him no we' en dre'nt.)

Kuck, we' lêft dat Rad so' se'er. Hahaha! Hahaha!

Ei, we' flott, 't ass gur net schwe'er. Hahaha! Hahaha!

Rulli, Rulli Riedche rull

Brengt dem Pir e môle Stull

Ei we' se'er, gur net schwe'er — Hahaha! —

Pir: Ho, ech kann net me'!

Wîchtelcher: Nu net kleipech gin, hopp virun!

(D'Wîchtelcher sangen nach eng Ke'er: Kuck, we' lêft dat Rad, etc...)

Elo get geturnt! (De Pir keimt a wescht sech de Schwëss. Sie stëllen sech all an eng Rei, de Pir an de' aner. Sie kommande'ren: Eins, zwei, emmer me' se'er, an eso' se'er muss hien och d'Ärem hiewen a sênken, we' en Turner.)

Pir: (jeitzt ganz hârt.) Genug! Genug! Ho ech stierwen!

Wîchtelchen: Hopp! Hopp! Net gelappt. Dat Denge klappt! Dén huot berappt.

Pir: (le'sst sech knall a Fall falen, strêckt d'Ärem an d'Bên ewèg a sèt:) Schlot mech do't, ech sin hallef do't, meng Ärem si futti, meng Bân si kapott, ech kann net me'! Lôsset mech neme goen, ech schaffe jo gèr.

All: Aaaaa!

De Kinek: (kent eran) Huot der e bal möll?

All: Hêr Kinek, en ass dâtsch!

Pir: Hêr Kinek, ech sin dâtsch!

Kinek: Dat Schaffe war der gesond. Dat wêrd ech der weisen. (Mecht we' wann en e bezaubere ge'f; ganz geheimnisvoll:) Schlimkarabumbelliru! (3×)

Pir: (sprengt op, an enger Fréd:) Hé, we' ass et mer elo eso' gutt, so' fresch! We' si meng Ärem so' stârk! Ech hu Courage! Hei, ech könnt d'Welt emreissen!

Wîchtelchen: An hei, mei Jong, ass dat bèscht! Hei sin deng Schwëssdrôpsen. (Hie schôtt aus enger Vase sche' weïss Perlen eraus.) Kuck emol! Hal deng Hand hir. (Schôtt s'all op seng Hand.) Kuck, all

Schwëssdröps, de' ech opgefângen, ass eng herrlech Pèrel gin, de' dausend Goldfrang wèrt ass. Nun ziél se.

Pir: Nonzeng! am Schâf!

Wichtelchen: Jo, et sin der grad nonzeng! Hä, dat war e feint Schwëssen!
E Verm'egen huos du erbei geschwësst.

Pir: Ha, Jongen, elo get eso' viru geschwësst. Geschafft, dass d'Schwärt mer krächt. (Ströppt d'Ärm erop.)

Kinek: Gutt, mei Jong, iâf hêm a schaff, a so de Kanner all: Schwëssdröps get de' sche'nst Pèrlen!

(Sie huolen de Pir an d'Mett a sangen zesummen:)

Al Volleksweis.



D'Ar-becht ass e Gléck, en hel - legt Fei - er,
Si mecht fro' a sént eng wâk-rech Hand. Si mecht d'Le-
- wen le'f an öm - mer dei - er. Strét iech Per-len
an den di - - re Sand.

